

Rapport Referees' Commission - 26.04.2022

Present : Geib, Keiffer, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Frieseisen, Weber

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 31.03.2022.**
- 2) **Cours fir C-Arbitter (nei Arbitter) : 2. Ulaf**
D'RefCom lanciert een 2. Versuch fir nei Arbitter ze forméieren. De Cours ass vum 8. bis den 10. Juli 2022 programméiert. De geneeë Programm gëtt un d'Kandidate verschéckt. Interesséiert Leit kënnen a solle sech bis de 4. Juli 2022 bei arbitre@flh.lu umellen.
- 3) **Formation continue – Tester fir Saison 2022-2023 :**
*Déi éischt Tester (Laf- a Reegeltest) fir d'Arbitter si fir den 9. Juli 2022 programméiert. Den Test Luc Léger ass fir all AXA-Arbitter, de Reegeltest fir **ALL** Arbitter. Och ginn d'Minimale fir d'Tester ze packen an d'Luucht gesat.*
- 4) **EHF Arbitter :**
E puer Kandidaten hu sech scho gemellt. Et ass nach ëmmer Zäit, falls nach een oder den aneren Interessi weise géiw.
- 5) **Nei Delegué :**
D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué (keng Beobachter) ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei refcom@flh.lu mellen.
- 6) **Treffe mam Zukunftsdësch a Veräiner :**
E puer Verrieder vun der RefCom haten eng Versammlung mat dem Responsabelen „Zukunftsdësch“ a Verrieder vun de Clibb. De Patrick Simonelli huet der RefCom e kleng Resumé gemaach.
- 7) **Matcher an der Woch :**
Well och déi meeschten Arbitter an der Woch Schoul hunn oder schaffen, wëll d'RefCom drop opmierksam maachen, dass keng Matcher an der Woch solle virun 19h00 programméiert ginn. Am anere Fall ass et méiglech dass nach keen Arbitter disponibel ass, an de Match net ka besat ginn.
- 8) **SBO um FLH Final 4 :**
D'RefCom huet leider net genuch Leit fir bei alle Finalen den SBO/Chrono ze maachen. Aus dem Grond muss all Club fir d'Jugendfinalen (U13-U17) an d'Final FLH eng Persoun ofstellen, fir des Aarbecht ze maachen.

Nächst RefCom Dënschden den 17. Juni 2022 um 18h30 zu Stroossen